



**ALEM a.s.b.l.**

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

## ALEM Studenteninterview

**Numm** : Svenja

**Studiestad** : Innsbruck

### **1. A wéi engem Joer/Semester bass du ?**

2. Joer/3. Semester

### **2. Firwat wollts du Medezin studéieren?**

Ech wollt Medezin studéieren well mech den mënschlechen Kierper an wéi en funktionéiert ëmmer schonn interesseiert huet. Außerdeem fannen ech et spannend irgendwann aneren Mënschen hëllef ze kënnen mee och dass den Beruff en wichtige sozialen Aspekt huet.

### **3. Vu wéi enger Sektoun bass du komm? Bass du gutt op d'Studium virbereet ginn?**

Ech hunn eng C Sektoun gemaach, wat mer definitiv vill fir mäin Studium bruecht huet. Ech hunn di wichtige wëssenschaftlech Grundlagen déi een am Ufank am Medezinstudium brauch, gréisstendeels schonn gesinn gehat virun allem an der Chimie, Bio an souguer an der Physique.

### **4. No wéi engem Critèren soll een denger Meenung no seng Unisstad eraussichen?**

Menger Meenung no soll een mol als éischt kucken wou een dat, wat een maachen wëll, am Beschten studéieren kann an dann natierlech kucken wéi eng Stadt engem am Beschten gefällt. Ech perséinlech hunn virun allem och gekuckt wat d'Fräizäit Méiglechkeeten an den verschiddenen Stied sinn well ech fannen dass den Ausgläich zum Studium extrem wichtig ass.

### **5. Wéi hues du dir mat der Admissioun gedoen? (Nott, Examen d'admission, etc.)**

Vue dass ech an Eisträich Medezin studéieren, misst ech just en Opmexamamen schreiwen, den MedAt. Den Test ass zwar net einfach mee doduerch dass en groussen Deel aus Wëssen besteet dat ech op der Première schon geleiert hat, ass et gutt machbar gewiescht. Wann een sech gutt drop virbereet dann krit een dat normalerweis ouni Problem hin. Den Virdeel ass außerdeem dass een den Test méi oft schreiwen kann, also wann et bei der éischerter Kéier net sou gutt léift, ass dat net schlemm. Dat gutt bei deem System ass halt dass deng Première Nott net zielt an dass d'Leit déi mat der schlussendlech studéieren dat och wierklech wollten.



**ALEM a.s.b.l.**

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

## 6. **Wat häss du deemools beim Choix, Umeldung oder Ufank kéinten besser mann an wat sinn Tipps déi du engem géings ginn?**

Amfong hat ech bei deenen Saachen ëmmer zimlech vill Gléck dass alles sou geklappt huet wei ech dat wollt. Mee wat ech op jidder Fall besser maachen géing, wier sech frei genuch iwwert administrativ Saachen informéieren. Sou huet een während dem Studium manner Stress an kann sech am Ufank ganz drop konzentréieren Kollegeen ze fannen an sech anzuliewen. Vir eng Wunneng ze sichen sollt een sech op jiddem Fall genuch Zäit op der Platz selwer huelen.

## 7. **Wéi bass du mat denger Uni zefridden?**

Ech sin mat menger Uni ganz zefridden virun allem well se gutt organiséiert ass. Grad fir seng Fräizäit ze plangen léiert een en anständegen Stonneplang ze schätzen an virun allem och dass een seng Fräizäit och als dat genéissen kann. Am Geigensatz zu aneren Stied hunn mir op menger Uni den Virdeel dass d Vakanz och effektiv Vakanz ass. Meng Uni leet vill Wäert op eng gutt Basis an dass een direkt am Ufank genau weëss op wat een sech agelooss huet. Außerdeem gëtt et hei wéineg Konkurrenzkampf well jiddereen seng Platz verdéngt huet an vill dofir gemaach gëtt dass een mat sengem Komolitonon zesummen schafft. An grad beim Medezinstudium gëtt vill och außerhalb vun der Uni organiséiert wat et engem méi liicht mëscht néi Leit kennenzelieren.

## 8. **Wéi ass et mat der Fräizäit?**

Am éischten Joer hat ech nach extrem vill Fräizäit. Lo am zweeten Joer ass dat allerdéngs vill manner ginn. Trotzdeem kann een hei ze Innsbruck seng Zäit außerhalb vun der Uni extrem villsäiteg gestalten. An duerch d Lag matzen an den Bierger huet een grad dobaussen an der Natur ganz vill Méiglecheeten eppes ze maachen, op dat lo Wanderen, Kloteren am Summer oder Wantersport am Wanter ass. Egal wou een hikuckt, ginn et Studenten di zesummen Sport maachen oder einfach just sech entspaanen.

## 9. **Wat war deng schlëmmsten Erfahrung am Studium?**

Eng wierklech schlecht Erfahrung hunn ech amfong nach guer net hei gemaach. Am Ufank war déi éischt Prüfung villäicht e bëssi stresseg well een nach net wosst wat op een zou kënnt mee dorun gewinnt een sech och schnell.

## 10. **Wat huet dir besonnesch gutt gefall bis lo? Wat war bis elo déi markantsten Erfahrung am Studium?**

An mengem Studium fannen ech war dat Bescht bis elo den Seziercours (TP an der Anatomie), deen ech grad am gaang sinn ze maachen. Et sinn zwar 10 ustrengend Wochen wëll een vill léieren muss mee et ass och eng mega wäertvoll Erfahrung. Et kritt een d'Anatomie vum Mënschen besser wie anescht méiglech béigeléiert an et léiert een nei Leit kennen, di een all Dag 2.5 Stonnen gesäit an doduerch och zu richtig gutt Kollegen ginn. An am Laf vun der Zäit gin och richtig vill Aktivitéiten außerhalb vun der Uni organiséiert wat dat ganz onvergesslech mëscht.



**ALEM a.s.b.l.**

**Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine**

The Luxembourgish Medical Students' Association

### **11. Sinn deng Virstellungen vum Studium erfëllt bis elo?**

Bis elo sinn meng Erwartungen souguer iwwertraff ginn well ech am Ufank nach e puer Zweifel hat op Medezin wierklech dat richtegt fir mech wier, di ech elo net mei hunn. Außerdeem ginn et vill positif Sachen un menger Uni di ech virdrun net wosst mee lo extrem ze schätzen weess.

### **12. Hues du schon Stagen gemaach? Géings du se éischer zu Lëtzebuerg maachen oder net?**

Ech hunn nach keen Stage fir mäin Studium gemaach an weess och nach net wou ech mäin éischen maachen wäert. Am Februar wäert ech mäin Pflegepraktikum maachen, wat ze Eisträich just 10 Deeg mussen sinn. Vue dass meng Uni e puer Plätzen dofir hei ubitt maachen ech deen hei zu Innsbruck well et haalt einfach méi praktesch ass wéinst der Organisatioun. Mee un sech weess ech awer vun vill Kolleegen dass een seng Stagen ouni Problem zu Lëtzebuerg maachen kann. Et muss een just ëmmer kucken dass alles ugerechent kann ginn wat een an engem aneren Land mëscht.